

Eng KLACK fir eis SPROOCH

Eis Sprooch geet op!



D'Iwwersetzer an d'Mataarbechter vun de „Psalmen op Lëtzebuergesch“, v.l.n.r.: Claude Bache, Felix Molitor, Raymond Schaack, Lex Roth, an de President vun der AL, René Faber

Den Thema vun dëser Klack soll jo am Fong de Bësch sin, deen „opgeet“; de Bësch an d'ganz Natur gin op deem klengen Wutz vun immensen euro-asiatesche Kontinent, wou mir liewen, all Jor op; ower dest Jor, dat 25. vun eisem Actioun-Lëtzebuergesch, geet e ganze Bucki Blumme fir eis Sprooch op!

Wäicht verstind der en etlech nët, oder nach nët, wat et heescht, dat elo déi 150 Psalmen och op Lëtzebuergesch iwwersat a publizéiert sin; déi eng, well si d'Nues iwer alles rënschelen, wat no „Päferer“ oder allgemeng no Relatioun richt; déi aner, well si nët wëssen, wäifir eng welt-kulturell Bedeutung d'Psalmen iwerhaapt hun... et as ower ni ze spëit, fir ze iwerleien: dat lëtzebuergesch Psalme-Buch wärd säi Wee duerch d'ganz Welt maachen!

Dat as op keng Manéier iwerdrüwen, well uechter d'ganz Welt Instituter sech mat de Psalmen an hiren Iwwersetzungen ofgin. Wann et Conditione/Critère soll gin, fir datt eng Sprooch eng Sprooch as, dann as ee vun deene Punkte ganz sécher, ob an dëser Sprooch d'Psalmen existéieren; mat dësem Buch huet eis Sprooch op déi Fassong och „de Knapp/Knuet“ opgedun...

Wéi mir d'AL 1971 gegrennt hun, as d'Lëtzebuergesch an der Kierch ee vun eis wichtegste Punkte fir eis Aarbecht gewiescht, an zwar direkt no eiser Sprooch an der Schoul; hei muss gesot gin, datt bei deene 15 Grëndungsleit Männer vun alle Meenungen an Iwerzeegunge waren; mir hu ganz einfach realistes geduecht, wollten also eppes realiséieren; dofir hu mir no der Realitéit vun eiser Sprooch gekuckt, wou si also wierech leeft a gebraucht gëtt.

Haut wir e groussen Dag fir en etlech Leit, déi ewell an der Eiwegket sin, an deenen d'Sprooch an der Kierch upaart um Häerz geleent huet... de

Lucien Ludwig, den Emile Schmitt, de Robert Philippe, de René Wirtz, de Camille Linden hätten sech haut gefreut ewei Kanner, si hun e Stéck vun Verdenscht zégt. Mir wellen ower och d'Joffere Schroell nët vergiessen, déi an der Zäit deen eischen Hoff fir d'Psalmen an eiser Sprooch gemaach hun. Wéi et dann elo gaang as, a wäifir e Quascht Talent, Aarbecht an Zäit dat Wierk kascht huet, dat liest Dir haut op den Dag an allen Zeiten.

Eis Geschicht a Kultur huet en etleche wichtige Punkten an Traditioun viles ze verdanken; eis Sprooch och. Dem Rodange säi Renert - dee mir dat anert Jor extra wëlle feieren - as eng „Maark“ um Gebitt vun Lëtzebuergesch; den Dicks an de Lentz waren eng Chance; de „Referendum“ vun 1941 an d'Sproochgesetz vun 1984 hun d'Lëtzebuergesch voll a ganz legitiméiert; de groussen Dictionnaire as e Monument, an dem Heng Rinnen seng zwéin hun zolitt „Gestecks“ fir an d'Fellemt geliwert; d'Bicher an d'Schreiwerten an eiser Sprooch sin zënter 50 Jor bal nët méi all ze iwerkucken... „D'Psalmen op Lëtzebuergesch“ gi ganz klar ee vun deenen Heichpunkten; eis Grousseltre gifen nët fäerdeg, sech iwer d'Plaz ze verwonneren, déi d'Lëtzebuergesch ewell huet!

Wa mir also vum Bësch schwätzen, deen opgeet, dann as de Verglich mat eiser Sprooch méngervärreg hei op senger Plaz; aus deene kleesperen an Traisch si Beemercher gin, déi zerguttst gestackt hun, deenen hir Wuurzelen an Ascht ëmmer méi an d'Breet gin... de Bësch as einfach nët méi ze iwwersin!

Et bleift ze hoffen, datt mir och dëst wichteg Stéck vun eiser eegener Emwelt an der Rei an an der Rucht halen.

Lex Roth

ACTIOUN LËTZEBUERGESH EIS SPROOCH

Adressen: Breedewe, 21 L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 L-2010
Telephon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89
Cotisatioun/Mëmbler: 500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48



Vum klengen Duerf am Gréngewald

Sin d'Erënnerongen un d'Kannerjoren nët déi schéinst am Liewen? Wann ee méi al gëtt, da gi se méi dätlich, méi klar an heiendsdo scharf wéi d'Konturre vun engem gudden Photobild.

Kennt dir dat klengt Gréngewald-duerf Esebur (Asber)? Nët wäit ewech vum Stafelter, gaangs hannerem Bësch op der Strooss fir an d'Fiels. D'Bam vum Gréngewald hun him een apaarte Cachet gin, an absëns, wann am Fréjoer d'Bichen hir gréng Wot ugedoen hun, dann as Esebur wéi eng Insel am gréngen Bliedermier.

Ech hun an der Millen, bei der Schetzelbaach (wäss Ern), gewunnt, déi deemools nach dat grousst Millenrad gedreint huet. Hannert der Millen, am Päsch bei der Baach, stongen d'Pöppeler wéi empeg, houffreg Joffere, stramm an enger Rei, bis bei d'Bréckelchen am Duerf.

Esebur, en Duerf mat knapps honnert Sëlen, hat séng Duerfeschmied, séng Bistron, ee lékn as ee riets vun der Landstrooss. D'Leit vu ronderem sin nach dacks zesummekom, fir um Staminee beim ronnen Dësch mateene ze poteren oder eng Partie Kaart ze maachen. An do war d'Gässel, wou méi kleng wéi grouss Haiser stongen; si sin den Uesselscheier-Wee eropgeklotert bis bal bei d'Kraiz, do, wou hinnen den Otem ausgangen as. Op der Duerfplaz stong de Wäschbur. Do war der e Liewen! D'Wäschfrae koum mat hirer Stousskäärchen oder mam Jabel, an da gong et lass mat dem Geklapp; et gouf geseft, gebleit, geschrupp a geschwenkt, dertéischent och e bëssen Duerfklatsch gedriwen. Mir Gréngewaldbouwe sin am Wäschbur zesummekom fir Spiichten a Fenten ze plangen, dobäi ware mir nët verleën. Hannert der Schetzelkapell stong d'Schlass (am Fong en herrschafleche Baurenhaff), wou d'Schwëstere vun der Ste Sophie déi Zäit hir Vakanz verbruecht hun. Am Ausgang vum Duerf, op dem Wee fir op Amber, do war d'Fieschterhaus, wou dem Ander säi Papp gewunnt huet, mat deem mir dacks, besonnesch am Wanter, an dem Pränz säin Déie-

repark gaange sin, fir d'Wëld ze fidderen.

Déi Esebur Leit hu sech all gutt kannet, ee woussst vun deem anere séngen Heemlechteeten, sénger Freed a sénge Suergen. D'Gréngewald-duerf hat séng Charakterkapp, jiddereen a jiddereent hat séng Agenaar. Do war de Klees bei der Baach, en ale Jongesell, deen der Aarbecht wäit aus de Feiss gaangen an all Dag em déiselwecht Stonn säin Huesepiedche bei de Wiirt getreppelt as. Nanns Märi aus der Gassel, dat nach déi Zäit mat de Geessen op de Plon (Schwéngsstéck) gefuer as, a säi Mann, de Piri, deen op der Strooss beim Kantonnee geschafft huet. Hie war e grondielerche Männchen, dee kenger Seechomes eppes zeleds gedoen hatt; mä e puer Mol am Mount as en no Feierowend bei de Wiirt geroden an do „hänke“ bliwen, bis d'Märi hie siche koum a mam Wëckel gehollt huet; an si haten dann allenzwee hire Fridden.

Am Fong geholl wollt ech iech vum Gréngewald verzielen. An do muss ech d'Ried bréngen op eise Schoulmeeschter, den Adolf Weis, deen an der Dëngschtwunnung vum Schoulgebai dohem war, sou wéi dat nach deemools de Brauch war. Den Adolf Weis war Erzéier fir déi Kleng an déi Grouss. Eppes méi Schéines kann ee wuel nët vun engem Mënsch soen. Hien hat en Häerz fir d'Natur a wouss, äis Kanner fir de Gréngewald ze begeeschteren.

Den Adolf Weis hat eng extra Gof fir Geschichte fir Kanner ze schreiwen an och fir ze verzielen. Wat hu mir op de Samschdes nomettes gegamst, déi Zäit war nach de ganzen Dag Schoul; da war Erzéistonn. De Schoulmeeschter huet déi orange-rout faarweg Heftdeckellen ausermeegefaalt, wou en e selleche Blieder draleien hat. An da gouf et roeg an de Bänken; et hatt een eng Maische pësperen héieren! De Schoulmeeschter huet äis virgelles, wat hie geschriwen hat. Ech ka mech gutt erënneren an d'Geschicht vum Schaz am Juddeebierg, vun der Spatzlee (Fielsteen)

am Réngelsgronn, vum Geschte-rhaische beim Stafelter oder vum Schetzelbur.

Mä et as nët beim Erzéiele bliwen. Den Adolf Weis as mat äis an de Bësch gaang, gemenkerhand bei d'Schetzelbaach. Mir hun dem Waasser nogelauschert, wann et voller Muttwell a Liewesloscht iwert d'Steng gespruddelt a gewuddert as, an hun an d'Hänn geklatscht, wann eng Frell an der Strengt an am Gëschet sech aus dem Waasser gehäit a selwerge glëbekt huet; mir hun hir Blieder schwamme geloo; an eiser Phantasie waren et Schëffelcher, déi an dee grosse Waasserpull bis an d'Mier gesegelt sin. Op der „Hambiersknupp“, do wou déi sechs Prinzessinnen-Eeche stongen, krute mir eng Geschichtslektioun vun eiser Dynastie, sou lieweg a sou spannend, wéi se a kengem Geschichtsbuch ze fanne war. Wéi schéi war de Gréngewald am Fréjoer, wann d'Sonn aus alle Splécken eragelusst huet an déi duussgréng Blieder geglënnert a gefënkelt hun, absëns am Hierscht, wa jidfer Bam an Trausch séng lescht Faarwotrop ausgepillt huet. De Gréngewald war e Stéck vum Adolf Weis séngem Liewen, a bannenan hu mir datselwech gespiert.

D'Rad huet gedreint, an d'Duerf kruit eng aner Minn. Aus der Schoul gouf e Wunnhaus, an de Wäschbur as offergrappt gin. De Gréngewald as bliwen. Virun e puer Jor hun dem Adolf Weis séng fréier Schoulkanner him bei der Schetzelkapell e Gedenksteen oprichte gelooss. D'Iddi dofir koum vum Pol, dem laangjäeregen a bekannte Radiospeaker, en Esebur duerch an duerch. A wéi huet hie gesot: „De schéinste Cadeau, dee mir dem Schoulmeeschter Adolf Weis maache kënnen: dofir ze suergen, datt kee Muttwell mat dem Gréngewald geschitt, an datt en séng Sëil behält.“ Wiirder, déi ech haut nach am Kapp hun, an déi mir wéi e Vermiechtis klénken. Haut, wou an deem Sënn däischer Wollëcken sech iwwert dem Stafelter zesummzéien.

A.S.

Redactioun vun dëser „Klack“:

Lex Roth, Jeanine Theis-Kauth, Al. Steinmetz

Redactioun fir d'Klack

N. 23 (25. Mee)
mir an...Dir!

Thema: op de Summer lass!

Eis Sprooch um DNR = 102,9 / 104,2

Vu méides bis freides kënt Dir all mueres, em 8.40 Auer, eng kleng Emissioun iwer eis Sprooch héieren. Kee laangt Gespréich a Gedeessems, eng gutt Minutt. Eng ganz Rëtsch Saache kréien do hiren Tëppelchen op den i... oder soss enzwousch. Hei sin zwee Beispiller, fir lech eng kleng Iddi ze gin, em wat et geet:

Shampooing

An alle Sprooch fanne mir Würder, déi aus anere Sproochen do eragelaf sin. Wann Dir fir d'Franséisch de „Petit Robert“ huelt, da gesit Dir, aus wäifreng Sproochen alles an d'Franséisch eragerëtscht as... heiansdo as e Wuirt duerch d'Jorhonnerten esou ofgeschlaf an agefjerft gin, datt en net méi direkt gesäit, vu wou et hierkennt; bei de Fransouse fennet een am aller-dackten eraus, datt d'Wuirtzele vun hirem Vocabulaire déif, breet a fest am Laténgesche steechen, also an de Réimer hirer Sprooch. Dofir steet d'Franséisch jo och an der Rei bei de sougenannte romanesche Sproochen, grad ewei d'Italénesch, d'Spuenesch, d'Portugiesesch an - den Numm seet et! - dat Rumanesch. Mengt ower elo nëmmen net, d'Franséisch hatt keng Wuirder aus anere Sproochen erageholl wéi dem Laténgeschen. Huelt emol e Wuirt ewei „shampooing“... datt as am leschte Jorhonnert vum Engleschen an d'Franséisch komm; et huet esouguer déi englesch Schreifweis bäibehalt... ower de „Shampooing“ kënt och net aus dem Engleschen, mä aus der Britescher Kolonie Indien... an domat as e Wuirt praktesch rondrem d'Welt gelaf... e ganz Verbrueete gif dann elo nom lëtzebuergesche Wuirt fir Shampooing froen... wann den Engländer a Fransousen dat Indesch duerget... dann as et och Lëtzebuergesch.

de Kapp wäschen

Gësch hate mir vun „Shampooing“ riets, an datt dat Wuirt aus dem Indesch iwer dat Englesch an d'Franséisch gelaf as, an datt mir jo da bestëmmt keen extra Lëtzebuergesch dofir brauchen... ower, Hand op d'Häerz; huet Dir ewell dru geduecht, datt am Fong all déi aner hei rondrem äis hir Hor wäschen, a mir?... mir

wäschen de Kapp! Mir wäschen de Kapp esouguer mat an ouni Shampooing... da soll emol nach ee soen, eis Sprooch hatt keen eegene Charakter... sot emol zu engem Fransous „je lave ma tête“, zu engem Däitschen „ich wasche meinen Kopf“, an zu engem Engländer „I wash my head“... da git Dir just grouss gekuckt, si verstin lech garantiert net op den eische Siess, well si wäschen Hor, a mir wäschen de Kapp; Dir kënt lech jo licht virstellen, datt si dann och näsicht matkréien, wann Dir rose waart, ee gutt verbotzt huet, a behaupt, Dir hätt deem „de Kapp gewäsch“... d'Lëtzebuergesch also keng Sprooch?... Ma jemma a gewëss! Iwrengs kënt Dir och zu kengem Preis soen, Dir hätt „einen verputzt“... da mengt deen, Dir hätt ee fatzegen Humpe geholl... do hu mir erem e Beispill wéi d'Wiirder an hir Bedeitunge rondremdréine wéi eng Turlatäin... an och dowänt us d'Lëtzebuergesch vill méi wat vum Däitsche wéi mir mengen.

En Noruff aus dem Jor 2020

De Bësch wuar wéi eng Kathedral. De Wand huet d'Uergel do gespillt. D'Versinn, am Summer gring gehal, wuar am Hierscht aus Gold geschaf. Gleich huet een sech dohem gefillt, konnt en duerch Moss a Bréime lafen.

Vioule, Pëlpe, Guckucksblummen, a wéi se all der Rei no kummen, dat wuar en Teppich voller Liewen! Kee Kënschler kënt déi Fuarwe wiewen.

E Kranke gouf am Bësch gesond, d'gebrachend Häerz huet Troust dra foud.

Do gouf et Aerdbeer, eemerweis, a Molbier un de Molberstrass. Séiss Hieselëns sin zeideg gin, wou hott déi héich nei Haiser stin. De Bësch mat séng stuarke Beem wuar wéi eng Buerg, en zweet Doheem.

Jeanine Theis-Kauth

* „eiser“ Madame Theis hirt Remlänger liest sech och prima an der „Koiné“

GEORGES FABER Opticien
9, avenue de la Porte-Neuve - LUXEMBOURG engage
opticien / opticienne apprenti(e) opticien
Veuillez prendre rendez-vous au 22 33 33

SCHAAF
WINTER GARTEN
Wohnen wie im Süden - bei jedem Wetter. Ihr Wintergarten in Wohnungsqualität, witterungsfest, wärmedämmend, in Maßarbeit.
SCHÜCO INTERNATIONAL
54516 Wittlich-Bombogen
Berlinger Straße - Tel. 0049 6571 30 01 - Fax 48 75 u. 7697

Schornstein-Sorgen?
Versottung, Feuchtigkeit und Flecken. Wir schaffen Abhilfe.
hahn für den Bau
M. Cottyn-Kieffer
Seit 50 Jahren fachkompetent für Schornstein- und Feuerungsbau. Offene Kamine - Kachelöfen
LUXEMBURG
117, avenue du 10 Septembre
Telefon 44 02 50
und Trier 0049 651 8 27 51-0

WE ARE BACK
Fuji Japanese Restaurant
Sushi & Teppan Yaki
REOUVERTURE
26, place de la Gare
L-1616 LUXEMBOURG
Tél. 29 09 13 - Fax 40 01 76
Galerie Kons

Ab 1. Februar in allen Zweigstellen der Banque Générale du Luxembourg
LUXEMBURGER SPORT 95
Verkaufspreis: 2250,- Bankkonto-Nummer: BGL 30-728655-25 (ALPS)

WOHNQUALITÄT FÜR LEUTE MIT PROFIL
Home Trade
BÄWÖ GEME Südhholz-Türen
73, rue de Hobscheid - L-8422 STEINFORT
Ouvert le samedi matin
Tél.: 39 60 90
Fax: 39 60 51

BEMBE PARQUET
Le parquet en bois massif Classique, écologique, naturel.
La carte de visite de votre habitation
Signe de tradition et de qualité dans la construction et la rénovation.
Une gamme complète.
Parquets à coller, flottants, à clouer
• Parquets massifs traditionnels
• Parquets contrecollés prévernissés
• Parquets laminés / stratifiés
Résistant et Durablement Solide
BEMBE PARQUET
179, route d'Esch - LUXEMBOURG
TEL. : 48 47 16 / 48 78 98 - FAX 40 53 98
Ouvert du lundi au vendredi, de 8 à 12 heures et de 14 à 18, le samedi de 8 à 12 heures.

TOMCAT JEANS
901
1850,-
MEGASTORE
155 Rte d'Arlon - STRASSEN
TOMCAT-CITY
22A Ave de la Porte - Neuve
TOMCAT - PLACE DE PARIS
1 Place de Paris LUXBG GARE
FACTORY STORE MERSCH
Shopping-Center TOPAZE MERSCH
FACTORY STORE ESCH
25 rue de l'Alzette - ESCH

OKAL ECONOMY
... GUT UND GÜNSTIG ab 1.867,- DM pro m²
(z.B. Economy 6 114 ab Oberkante Kellertafel, inkl. Dachstuhl, malarfertig)
Vier familienfreundliche Grundrisse von 67 bis 157m² in drei verschiedenen Ausbaustufen mit Wohnraumreserven im Dachgeschoß. Niedrigenergiehäuser in bewährter OKAL-Bauqualität. So werden Hausräume wahr!
Wir freuen uns auf Ihren Besuch:
54311 Trierweiler bei Trier, Gewerbegebiet Sirzenich (B-51), Im Langengrund.
☎ 0049/651/82 84 50 - Mo.-Fr. 10-18, Sa., So. + feiertags 13-18 Uhr
OKAL